N°2332
Entrée le 15.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Ëffentlechen Déngscht & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Während der COVID-19-Kris war de lëtzebuergesche Loftfaartsecteur staark betraff an déi lëtzebuergesch Fluggesellschaft LUXAIR huet zu dësem Zäitpunkt eng Rëtsch Mataarbechter u Ministèren a Verwaltungen dierften detachéieen.

Notamment goufe bei der Inspection sanitaire vum Gesondheetsministère d'Equippe vun der Contact Tracing an der Health Helpline duerch eng ronn 70 Mataarbechter vun de aus dem LUXAIR-Grupp verstäerkt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Sinn haut nach ëmmer Mataarbechter vum LUXAIR-GRUPP beim Lëtzebuerger Staat detachéiert? Wa jo,
    - wéi vill a wat fir Verwaltunge schaffen dës LUXAIR-Mataarbechter?
    - firwat sinn des Mataarbechter nach ëmmer an engem Detachement beim Lëtzebuerger Staat?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten